LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 18 septembre 2020

REÇU
Par Alff Christian , 14:58, 18/09/2020

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°2645 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°2645 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung, der Inneministesch an dem Tourismusminister op d'parlamentaresch Fro n°2645 vum 10. August 2020 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen iwwert "Réserves en eau potable"**

1. ***Kann de Minister fir Tourismus chiffréieren, wéi vill Persounen hei am Land dëst Joer net wäerten an aner Länner verreesen?***

Nee.

2. ***Opgeschlësselt no Mount, wéi héich war de Waasserverbrauch zu Lëtzebuerg zënter Januar?***

Den Drénkwaassersyndikat SEBES liwwert ronn 50% vum nationale Waasserverbrauch aus den ëffentlechen Drénkwaasserverdeelungsnetzer aus dem Stauséi, respektiv vu verschiddene Site wou aus Buerunge Grondwaasser gewonn gëtt. Déi aner 50% vum nationale Waasserverbrauch aus deenen Netzer kommen aus verschiddene Grondwaasserréservoiren (Quellen, Pëtzer) déi regional a lokal verdeelt vu Gemengen a Gemengesyndikater genotzt ginn.

Déi relativ Entwécklung vum Waasserverbrauch pro Dag zu Lëtzebuerg kann ee representativ duerch d'Waasserquantitéiten, déi vum Drénkwaassersyndikat SEBES un déi verschidde Syndikater geliwwert ginn, duerstellen. Déi Zuele ginn all Dag aktualiséiert an erlaben déi aktuellsten Tendenze vum Waasserverbrauch duerzestellen.

| Joer | 2020 | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Mount | Januar | Februar | Mäerz | Abrëll | Mee | Juni | Juli | August |
| Duerschnëttleche Waasserverbrauch ($m^3$/Dag)* | 60.292 | 61.248 | 58.038 | 62.863 | 65.100 | 63.217 | 68.114 | 64.690 |

*: entsprécht ronn 50% vum nationale Verbrauch vum Krunnewaasser

**3. *Wéi huet sech de Waasserverbrauch, opgeschlësselt no Mount, am Verglach zu de selwechte Méint an de Joren 2018 an 2019 entwéckelt?***

Fir d'Entwécklung vum Waasserverbrauch vun 2018 an 2019 kënne mat den aktuellsten Zuelen ze vergläichen, ass déi selwecht Duerstellung wéi bei der Äntwert op déi 2. Fro gewielt ginn.

| Joer | 2020 | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Mount | Januar | Februar | Mäerz | Abrëll | Mee | Juni | Juli | August | Moyenne Januar bis August |
| Duerschnëttleche Waasserverbrauch ($m^3$/Daag)* | 60.292 | 61.248 | 58.038 | 62.863 | 65.100 | 63.217 | 68.114 | 64.690 | 62.945 |
| Joer | 2019 | | | | | | | | |
| Mount | Januar | Februar | Mäerz | Abrëll | Mee | Juni | Juli | August | Moyenne Januar bis August |
| Duerschnëttleche Waasserverbrauch ($m^3$/Daag)* | 57.122 | 58.726 | 60.506 | 62.504 | 63.482 | 73.122 | 76.642 | 64.699 | 63.350 |
| Joer | 2018 | | | | | | | | |
| Mount | Januar | Februar | Mäerz | Abrëll | Mee | Juni | Juli | August | Moyenne Januar bis August |
| Duerschnëttleche Waasserverbrauch ($m^3$/Daag)* | 56.268 | 50.730 | 60.666 | 63.455 | 65.801 | 68.919 | 80.541 | 67.398 | 64.222 |

*: entsprécht ronn 50% vum nationale Verbrauch vum Krunnewaasser

Den duerchschnëttleche Waasserverbrauch huet opgrond vun deene representativen Zuelen an de leschte Jore net variéiert (Kolonn "Moyenne Januar bis August"). Déi Ënnerscheeder pro Mount erklären sech oft duerch variabel atmosphäresch Temperaturen. Bei méi laang unhalende waarmen Temperature geet de Verbrauch vum Krunnewaasser tendenziell an d'Luucht. Virun allem am Juli 2020 ass manner Waasser geliwwert gi wéi an deene Joren virdrun. Well den Drénkwaasserverbrauch och vun der wirtschaftlecher Aktivitéit beaflosst gëtt, kann een aus dësen Zuelen net erausliesen, ob méi oder manner Leit dëst Joer verreest sinn.

Generell ass ze bemierken, dass de Waasserverbrauch zu Lëtzebuerg, bedéngt duerch den demographeschen an ekonomesche Wuesstem, d'Tendenz huet an den nächste Joren an d'Luucht ze goen. Dofir ass et wichteg, dass responsabel a spuersam mam Verbrauch ëmgaangen gëtt. De Regierungsprogramm gesäit fir, dass eng Waasserspuerstratégie op nationalem Niveau zesumme mat sämtlechen Acteuren, dorënner ënnert anerem d'Gemengen, d'Industrie, de Bausecteur an d'Landwirtschaft, opgestallt gëtt.